N° 8383
Entrée le 17.10.2023
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Fernand Etgen
Luxembourg, le 17.10.2023
Chambre des Députés

PIRATEN
SENSIBILITĒ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Fernand ETGEN
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 17/10/2023

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministesch fir Finanzen weiderzeleeden.**

Wéi all Joers gëtt och dëst Joer bei der Steierverwaltung op déi lescht Steiererklärungen gewaard. Mengen Informatiounen no, sinn Stand Mëtt Oktober awer manner Steiererklärungen bis elo erakomm wéi déi Joere virdrun.

An deem Zesummenhang wéilt ech der Ministesch dës Froe stellen:

1. Wéi vill Steiererklärung huet d'Steierverwaltung bis elo fir d'Joer 2022 kritt?
   Wéi vill waren et der bei de personnes physiques?
   Wéi vill bei den Entreprisen?
2. Wéi vill Prozent vun de Steiererklärung denkt d'Steierverwaltung, dass am Moment nach feele fir d'Joer 2022?
3. Falls bis elo manner Steiererklärungen erakomm si wéi déi Jore virdrun, hat dëst een Impakt op d'Opschaffe vu Retarden?
4. Wéini wäert dëst Joer ee Rappell erausgoen, fir d'Steiererklärung ze maachen?

Mat déiwem Respekt,

CLEMENT Sven
Deputéierten

N° 8383
Entrée le 10.11.2023
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère des Finances

**Äntwert vun der Finanzministesch op d'parlamentaresch Fro n°8383 vum 17. Oktober 2023 vun dem éierewäerten Deputéierten Här Sven CLEMENT iwwert "Steiererklärungen"**

Knapp zwee an en hallwe Méint virum Oflaf vum legalen Delai vum 31. Dezember 2023 fir d'Erareeche vun de Steiererklärungen, woren bei de physesche Persounen 168.357 a bei de Kollektivitéiten 41.239 Steiererklärunge vum Steierjoer 2022 erakomm. Dat heescht datt ronn 48% bei de physesche Persoune respektiv ëm déi 65% vun de Steiererklärunge bei de Kollektivitéite vum Steierjoer 2022 nach net dobanne woren.

Doduerch datt de legalen Delai vum 31. Mäerz op den 31. Dezember no hanne verréckelt ginn ass, huet sech d'Verhale vum Steierflichtegen, wann och nëmme liicht, verännert. Et si wuel manner Steiererklärungen erakomm wéi soss zu dësem Zäitpunkt am Hierscht mee de Steierflichtegen huet jo och nach Zäit fir deem no ze kommen.

D'Steierverwaltung huet ee gudden Deel vun de Steiererklärunge vum Steierjoer 2022 scho besteiert a konnt och hir Retarde besser opschaffe wéi d'Jore virdrun, dëst awer och bedéngt doduerch datt d'Steierverwaltung duerch Personal opgestockt ginn ass.

De 15. November 2023 kréien all d'Contribuabelen, déi bis dohinner hirer Steierflicht nach net nokomm sinn, ee Rappell geschéckt wou d'Steierverwaltung si drop hiweist an drun erënnert, datt den Delai fir d'Erareeche vun hirer Steiererklärung den 31. Dezember 2023 ass.

Lëtzebuerg, den 10. November 2023

D'Finanzministesch

(s.) Yuriko Backes